Esch/Uelzecht den 03.08.2021

# Pressecommuniqué: Upassung vum Gesetz zu de Studiebäihëllefen

D'Gesetz vun de Studiebäihëllefe gouf no leschtem Joer am Juli eng weider Kéier der aktueller Situatioun ugepasst.

Dës Ännerunge sinn den 01. August 2021 a Kraaft getrueden.

Nodeems lescht Joer jiddereen dee bedéngt duerch déi aktuell Sanitär Situatioun säi Studium, egal a wéi engem Zyklus en ass, huet misse verlängeren an esou vun engem zousätzleche Semester Bourse konnt profitéieren, ass des Moossnam duerch eng Ännerung am Gesetz, déi de 15. Juli 2021 eestëmmeg an der Chamber ugeholl gouf, och op Student:innen déi hire Studium am akademesche Joer 2020/2021 ugefaange mat studéieren hunn, verlängert ginn.

Nodeems mir eis bewosst gi sinn, dass och d'Studiejoer 2020/2021 net esou wäert oflafen, ewéi mir dat gewinnt sinn, a vill jonk Student:innen hier éischt Semesteren ënner schwierege Konditioune mussen untrieden si mir un de Héichschoulministère erugetruede fir no Léisungen ze sichen. Mir si frou iech kënne matzedeelen, dass mir heimat ereecht hunn, dass och déi nei Student:inne vun dëser finanzieller Ënnerstëtzung dierfe profitéieren.All Student:in huet am Normalfall schonn zwee "Bonussemester" Studiebäihëllef ze gutt. Sollt also ee säi Studium musse verlängeren, kann en vir d'éischt op dës zwee Semester zeréckgräifen.

Huet een dës zwee Semester allerdéngs schon opgebraucht, da kann een elo, bedéngt duerch déi aktuell Situatioun, vun engem weidere Semester Bourse profitéieren. Wichteg heifir ass, dass een am Summersemester 2019/2020, respektiv neierdéngs am akademesche Schouljoer 2020/2021, an engem Studiegang ageschriwwe war, nëmmen dann huet een Usproch op e weidert "Bonussemester". Des Weideren huet ee kee Recht op dëst weidert Semester Bourse, wann seng Universitéit d'Regelstudienzäit opgrond vun der Pandemie em ee Semester erhéicht huet.

ACEL - Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois

www.acel.lu
contact@acel.lu

2, avenue de l'Université
L-4365 Esch-sur-Alzette

+352 20 60 84 84-1 | Président
+352 20 60 84 84-4 | VP Représentatioun

BCEE LU56 0019 2100 0834 4000
No RCS F969

Partenaire officel

Wann een also am Bachelor ageschriwwen ass, huet een elo dräi “Bonussemester” ze gutt. Dat nämmlecht gëllt och fir Masterstudent:innen, falls si an hirem Bachelor nach kee "Bonussemester" geholl hunn. Wann een am Bachelor awer schon zwee "Bonussemester" gebraucht huet, dann huet een dee Moment am Master just nach ee “Bonussemester”zegutt.

Ausserdeem gouf och fir des betraffe Student:innen d'Fortschrëttkontroll vun de Studien am éischten Zyklus em ee Joer no hanne verréckelt. Student:innen déi am éischten Zyklus, also am Bachelor ageschriww sinn, mussen eng vun dëse Konditiounen erfëlle fir kënnen an hirem 4. Joer vun der Bourse ze profitéieren:

- Wéinstens 60 ECTS an den éischten dräi Joer validéiert hunn an dat am nämmlechte Studiegang
- Wéinstens 30 ECTS no dem 3. Studiejoer validéiert hunn, falls een sech ëmorientéiert huet an e neie Studiegang ugefaangen huet

Déi genau Ännerunge fannt dir ënner folgendem Link:

https://www.chd.lu/wps/PA_RoleDesAffaires/FTSByteServingServletImpl?path=1BF7F6064[…]632F5C233FFB8571875B79EB012927$28D01082C3233FC6FE72BF0A613B1ED0

Benjamin Kinn

President

benjamin.kinn@acel.lu

Michelle Heyder

Vizepresidentin Representatioun

michelle.heyder@acel.lu